Kontakt

Informatiounsblat vum Fieldgen N°14 **Vendredi, 20 janvier 2017**

AGENDA

jusqu'au 27.1.	11PS en stage
jusqu'au 27.1.	10PA en stage
Samedi, 21.1.	8h30-13h00 : Journée des parents
23.1. - 28.1.	9MO en stage

Bande dessinée

An eisem leschten *Trait d'Union* hu der den Ufank vun eiser BD gesinn. Wann dir interesséiert sidd, fir déi ganz BD ze kréien, kënnt der se bestellen, andeems der eng E-Mail un **secretariat@epf.lu** schreiwt (w.e.g. Numm, Virnumm, Adress an Telefonsnummer uginn).

Kuchenaktioun

Ween ? All Klass, déi net op eng aner Manéier Suen erakritt, fir hier Rees während der *Semaine Projets* matzefinanzéieren.

Wéini ? 2 mol an der Woch, méindes a mëttwochs, an der 10-Auer-Paus.

Wou ? Dobaussen ënnert dem bâtiment E a **virun** der Konferenz. Wann et reent, ass de Verkaf virum Sall Raoul Follereau.

Wéi ? All Klass huet 1 Dag ze gutt. Dir musst Iech am Sekretariat bei der Mme Schaus an der Mme Schumacher umellen. Déi 1. Klass ass fir.

Preis ? 1,50 € pro Stéck

Dir musst am Virfeld alles selwer organiséieren !

Semaine Raoul Follereau 2017



Dënschdeg, de 7. Februar an Donneschdeg, den 9. Februar, déi 3. a 4. Stonn, ass d'Schüler-firstellung vun *Parfois, il est une fois ...*

Dir hutt an ärer Case een Umeldungsziedel, deen der musst vun äre Professeren vun deenen 2 Stonnen ënnerschreiwen loossen a mat de Suen am Sekretariat vun der Mme Schaus an der Mme Schumacher ofginn!

Mir akzeptéieren dës Umeldung réischt vun en **Mëttwoch den 25. Januar, vun der 10-Auer-Paus un**! Virdrun huele mir keen Ziedel a keng Suen un. Är Professeren kënnen och **keng** Plaze reservéieren.

Den Éischten ass fir. D'Plaze si limitéiert!

Dir kënnt och ganz gäeren owes kucken kommen:

Freideg, den 3. Februar um 20 Auer
Samschdeg, den 4. Februar um 20 Auer
Freideg, den 10. Februar um 20 Auer
Samschdeg, den 11. Februar um 20 Auer

Dir kënnt är Plazen bei der Mme Wagner an der Porte reservéieren oder um 49 94 31 - 1 uruffen!

Lescht Prouwen :

Freideg, 20. Januar 2017: 14h30 - 19h00

Samschdeg, 21. Januar 2017: 14h00 - 19h00

Freideg, 27. Januar 2017 : 14h30 - 19h00

Samschdeg, 28. Januar 2017 : 13h30 - 19h00

Méindeg, 30. Januar 2017 : 14h30 - 19h00

Denschdeg, 31. Januar 2017 : 14h30 - 19h00

Mëttwoch, 1. Februar 2017 : 14h30 - 19h00

Donneschdeg, 2. Februar 2017 : 14h30 - 19h00

1-Hëllef-Cours annuléiert!!!

Den 1-Hëllef-Cours ass annuléiert well net genuch Schülerinnen sech ugemellt hunn.

Portes Ouvertes

LTPES (éducateurs):

Samedi, 4 février 2017 de 8h30 à 13h00
Samedi, 29 avril 2017 de 8h30 à 13h00

Info supplémentaires au SPOS.

A. Pletgen

Concours littéraire am Kader vum Fieldgen sengen 125 Joer

De Fieldgen am Joer 2040

Du bass gutt an enger Sprooch, du schreiws gären, du hues eng gutt Imaginatioun / Virstellungskraaft ?
Hei sinn d'Konditiounen fir um Concours Deel ze huelen :

1. du däerfs eng vun dëse Sprooche wielen : Lëtzebuergesch, Däitsch, Franséisch, Englesch ;
2. du däerfs ee Gedicht oder eng Kuerzgeschicht (*nouvelle / Kurzgeschichte / short story*) schreiwen ;
3. et sollen 6-7 getippten DINA4-Säite ginn oder maximal 2000 Wieder (mat engem Sputt vun 10% méi oder manner Wieder);
4. d'Schréft, déi's du gebrauchs ass den *Arial 11*;
5. du solls deng Produktioun a Word-Format un secretariat@epf.lu schécken a net vergiessen fir d'Säiten ze nummeréiren an/oder Wiederzuel unzeginn;
6. de Stéchdatum fir alles eranzeschécken ass den 3. Mäerz 2017 ;
7. du kanns roueg däi Sproocheprofesser froen fir dir deng Produktioun eng Kéier ze iwwerliesen !

Et ginn 2 Kategorie vu Präisser :

eng fir den ënneschten Zyklus (7e - 6e/8e - 5e/9e)
eng fir den ieweschten Zyklus (4e/10e - 3e/11e - 2e/12e - 1e/13e).

Mir freeën eis är Virstellungen iwwert de Fieldgen am Joer 2040 ze liesen!

Den CDI ass nächsten Dënschdeg, 24. Januar, vun 7h15 bis 14h15 wéinst enger Liesung zou!!

MATINÉE INFO-EMPLOI

Coiffeur:

J'ai choisi la profession de coiffeur, car je recherchais surtout un boulot où je ne devais pas être assis toute la journée derrière un ordinateur et où j'allais travailler en équipe. La coiffure a l'avantage qu'il y a tous les jours de l'alternance et qu'on ne risque pas de tomber dans une certaine routine. Le contact avec les clients rend ce métier plus humain dans une société qui aujourd'hui se renferme de plus en plus dans le monde virtuel des réseaux sociaux. Le simple fait de voir un sourire quand le travail est bien fait, fait qu'on a envie de se lever le matin pour recommencer…

Dat, an nach méi op der Matinée Info-Emploi, den 8. Februar ...

epfShop

Parapluie 18 €

USB-Stick 8 €

Bic 1 €

Büro-Box 4,5 €

Chargeur 10 €

BambooSet 6 €

Articles disponibles au secrétariat de l'école